



Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3te Februar 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

De 24te Januar 2020 huet de Sonnerbeoptraagte vum Premierminister säi Rapport iwwert de groussherzoglechen Haff deposéiert. Am Rapport gouf nieft der Finanzgestioun nämlech och d'Organisatioun vum Haff an dorënner d'Roll vun der d'Grande-Duchesse ënnert d'Lupp geholl. Hei schreift de Rapporteur:

(1) „[...] le rôle de la Grande-Duchesse qui exerce une fonction purement représentative ne devrait pas être un sujet de discussion.“ (Säit 30)

(2) „Notre Constitution ne prévoit pas de fonctions officielles pour l'épouse du Grand-Duc. Dès lors, c'est le Grand-Duc, Chef de l'Etat, qui devrait seul figurer dans l'organigramme de la Cour.“

(Säit 32 vum Rapport)

D'Fro vun der Roll vum Partner vum Grand-Duc ass allerdéngs net nëmme beim groussherzoglechen Haff vun Interessi, mee generell bei alle Partnere vu staatleche Volléksvertrieder. Den Deontologieskodex vun der Regierung gesäit zum Beispill keng Reegele fir de Partner vun engem Minister vir, wann dësen de Minister an offizieller Missioun – zum Beispill op Auslandsreesen – begleet.



www.piraten.lu

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Premierminister dës Froe stellen:

1. Wéi ass d'Roll vum Partner vu Regierungsmemberen zu Lëtzebuerg gereegelt?
2. Am Fall wou Regierungsmemberen hire Partner op eng offiziell Rees mathuelen, wien bezilt d'Käschten, déi op dëser Rees fir dës Persoun ufalen (zum Beispill den Hotel, Restauranten, etc.)? Wéi eng Reegele gëlle generell fir d'Partner vu Regierungsmembere bei offizielle Reesen?
3. Falls keng offiziell Reegelen iwuer d'Roll vum Partner existéieren, ass de Premierminister der Opfaassung, dass d'Opstelle vun engem normative Kader zu méi Kloerheet an Transparenz bäidroen géif? Wäert d'Regierung heizou eppes ausschaffen a falls jo, bis wéini?

Mat déiwem Respekt,



Marc GOERGEN

Députéierten



www.piraten.lu